caritas
LUXEMBOURG
Caritas Accueil et Solidarité asbl

Caritas Accueil et Solidarité a.s.b.l.

sicht:

1 diploméierten Erzéier (m/w) CDI

oder 1 Infirmier psychiatrique (m/w) CDI

20 oder 40 Stonne pro Woch CDI
flexibel Schaffzäiten, Feierdeeg a Weekend mat abegraff

am Kader vun eise Noutstrukturen,
konventionéiert mam Ministère de la Famille, de l'Intégration et de la Grande Région

Ufank: ab dem 1. Abrëll 2018 oder zu engem spéideren Zäitpunkt

Missioun:

Den Erzéier (m/w) huet d'Missioun vum Betreie, Begleeden a sozial-erzéiereschen Ënnerstëtzen vun hëllefs- a schutzbedürftege Mënschen, vu Mënschen ouni Wunneng oder déi vun Aarmut an Exklusioun bedrot sinn, an de verschiddene Servicer déi vu Caritas Accueil et Solidarité ugebuede ginn, besonnesch an der Noutstruktur am Centre Ulysse.

Profil:

- Am Besëtz si vum *diplôme d'État d'éducateur* oder engem gläichwärtegen Diplom aus dem Ausland mat entspriechender Berufszougangsberechtigung
- Liichtegkeet hun am Kontakt an Empathie vis-à-vis vu benodeelegten Erwuessenen
- Prononcéierten Ekipegeescht
- Gutt Kenntnisser vum lëtzebuergesche sozialen Hëllefsreseau / sozialen Déngschtleeschtungssecteur
- Lëtzebuergesch, däitsch a franséisch schwätzen a schreiwen, all weider Kompetenzen an enger anerer Sprooch si vu Virdeel
- Beherrsche vun der gewéinlecher Büro-Software (Word, Excel, Outlook)
- Flexibel an de Schaffzäiten sin (Nuecht a Weekend mat abegraff)
- Am Besëtz vun engem B-Führerschäin

D'Leit gi nom Kollektivvertrag CCT-SAS vum soziale Secteur bezuelt. Eng éischt Selektioun gëtt opgronnd vun den Dossiere gemaach.

D'Kandidature mat Liewenslaf si bis spéitstens den 13. März 2018 un d'Direktioun vun Caritas Accueil et Solidarité a.s.b.l., 57, rue de Mamer, L-8185 Kopstal, oder per Email un direction@casasbl.lu. E rezenten Extrait aus dem Casier judiciaire gëtt dee Moment gebraucht, wann de Kontrakt ënnerschriwwe gëtt.